



geduecht, dass mer et och scho matgedeelt hätten!

An e weidere Volet, deen eis ganz um Härzer läit a wou mer och aktiv um schaffe sinn, ass: Mir si mam Nicolas Schmit amgaangen ze schaffen, fir grad de Volet vun den „green jobs“ ze verdeiwen, well dat natierlech e Volet ass vun nohaltegen, gudden Aarbechtsplazen, fir gutt Ausgebildener a fir och manner gutt Ausgebildener hei ze beschäftegen. An ech mengen, wa mer kucken, dass haut nëmmen zu 60% erausgeholl gëtt aus dem Bësch, wat nowiisst: Mir hunn nach Potenzial! Dann ass dat natierlech e logesche Wee, dee mer wëlle mat dem Secteur goen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.**- Fir op de Volet vun der drëtter Questiou, vun der Indemniséierung ze kommen, do ass natierlech keng Indemniséierung fir d'Gréngland virgesinn. Mä et ass awer normal, dass mer dat, wat iwwert déi normal nohalteg Gestiou erausgeet, dat, wou d'Leit Doutholz leie loossen, dat, wou méi gemaach gëtt, dass mer dat wëllen indemniséieren. An do sinn d'Règlementen an enger finaler Phas.

A vläicht, fir lech en Avant-goût ze ginn, den Här Hahn hat gefrot, wéi eng Subside mer do eventuell kéinte virgesinn: Maja, zum Beispill, dass een déi Subside fir d'Schaffe mam Päerd, wat manner Drock op de Buedem ausüübt, dass een déi eropsetzt, den Téléphéage mat bäihëlt, deen ass elo nach net do, dass een en Top-up mécht fir Natura 2000-Gebidder. Dat géif Leit dozou incitéieren, méi ze maache wéi dat, wat am Moment virgesinn ass, dass een och Subside gëtt fir Formatioun a fir Sensibiliséierung.

Well an engem Punkt, do ginn ech lech wierklech recht, dorobber hate souwuel d'Madamm Hansen, awer och den Här Arndt higewisen: Am Bësch muss geschafft ginn! Dat wësse mer. D'Bëscher sinn entstanden a sinn haut, wéi se sinn, well mir an de Bëscher schafen. A wat mir musse maachen, ass natierlech, Opklärung maachen, wéi an de Bëscher geschafft gëtt, opklären: Wat ass eng normal Gestiou? An och driwwer opklären, wat d'Problemer sinn. Well haut hu mer am Wanter net méi esou laang Zäiten, wou de Buedem gefruer ass a wou kënnen d'Maschinen eraufueren. Mir hunn ebe méi déck Maschinnen, an d'Leit verstinn oft net, wann deen een oder anere Bam fält.

Nach virun zwou Woche war ech zesumme mat der Buergermeeschtesch vu Monnerech an hire Bësch an do hu mer gewisen, wéi een eng Lisière, e Bëschrang opmécht. Dat ass en Agrëff! Wann e Spadséiergänger do laanschtgeet a mir net opklären, da kann et virkommen, dass d'Leit erschreckt sinn iwwer en Agrëff, deen am Bësch geschitt. An ech mengen, dat ass et! Mir mussen erëm e Lien hierstellen tëschent eis an eiem Liewensraum, tëschent eis, dem Liewensraum Bësch an deen och mat Respekt behandelen. Ech mengen, do si mer eis eens.

Ech sinn och frou, hei an der Ronn zur éischter Fro gehéiert ze hunn, dass mer awer allegueren där Visioun vum Forest Europe eis verflucht fillen, an dat wäerte mer och esou mathuelen. Déi spannendst Fro fir mech war sécherlech den Accès zum Bësch. Do wäerte mer nach déi eng oder aner Ronn missen dréien.

A fir déi véiert Fro, do war ech elo just schonn drop agaangen. Ech mengen, dat steet an internationalen Verplichtungen, souwuel op EU-Niveau wéi awer och an der Helsinki-Resolutioun, dass mer eigentlech eis sollten asetzen, fir eis Bëschfläch ze erhalen.

Déi Zäitschinn, déi mir elo virgesinn hunn, ass, dat heite matzehuelen, ze verschaffen an am nächste Joer dat heiten, deen heite Code forestier dann och kënnen ze presentéieren, natierlech andeems mer all Akteure mat op de Wee huelen, esou wéi mer et elo och am Kader vum Programme Forestier National gemaach hunn.

Ech wëll d'Geleeënheet notzen, nach eng kéier menge Mataarbechter aus dem Ministère, menge Mataarbechter aus der Natur- a Bëschverwaltung Merci ze soen, awer och eben alle Mataarbechter, déi elo déi ganz zwee Joer mat eis zesummen deen heite Wee gaange sinn. Et ass immens vill Aarbecht schonn dran. Et kënnt der elo nach vill. Ech wënschen eis all zesummen e flott Schaffen an ech soen lech Merci fir déi Ureegungen, déi ech kritt hunn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Minister. Domat si mer um Enn vun eiser Konsultatiounsdebatt. A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6924, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Schaffung vun enger Natur- a Forstverwaltung. An Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht

ass. Den Här Rapporteur, den Henri Kox, huet direkt d'Wuert. Här Kox, wann ech gelift!

3. 6924 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 5 juin 2009 portant création de l'Administration de la Nature et des Forêts

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Et ass u sech eng ganz kleng Ännerung un engem Gesetz. Et ass u sech eppes vergiess ginn. Dat ass awer schonn e bësse méi laang hier: Viru siwe Joer gouf d'Gesetz vun der Natur- a Forstverwaltung nei organiséiert an dobäi ass vergiess ginn, eng Prime de risque mat anzeschreiwen, eng Prime de risque, déi eng Rei vu Mataarbechter vun der Forstverwaltung zegutt hunn, wa se am Bësch schaffen. Mir hu jo virdrun iwwert de Bësch geschwat. An deen Oubli, dat ass eben deemools 2009 vergiess ginn, oder et ass vergiess ginn 2009, dat mat an d'Gesetz eranzefügen.

An d'Basis dovun fënnt hir Berechtigung am Gesetz vu '86, wat u sech e Gesetz vun '63 ofännert iwwert de Régime des traitements des fonctionnaires de l'État.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift! Wann ech gelift, Kolleegen! Et ass e bësse vill Gegrommels am Sall.

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- An deemools ass eben déi Primm agefouert ginn an d'73er Gesetz iwwert d'Reorganisatioun d'administration des eaux et forêts, wat jo d'Virgängerverwaltung war vun der Natur- a Forstverwaltung.

Dat hu mer elo nogeholl. D'Gesetz gouf de 7. Dezember 2015 déposéiert. De Statsrot huet den 2. Februar 2016 säin Avis ofginn. D'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics an d'Chambre des Salariés hunn hiren Avis den 11. an den 18. Dezember 2015 ofginn. Allen dräi hu se gemengt, et hätt elo e bësse laang gedauert, bis mer dat da rektifizéieren heimaader. Bon, dat geschitt jo elo. Ech selwer sinn de 24. Februar 2016 als Rapporteur vun deem Gesetz bestëmmt ginn, an den 3. Mäerz hu mer unanime dës Ännerungen ugeholl.

Ech bieden lech dann och, Är Zoustëmmung ze ginn. Domadder bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kox. Dann huet d'Wuert den Här Marco Schank.

Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Mir bleift net méi ze soe wéi Merci un den Henri Kox fir den ausféierleche Rapport. An ech wöllt d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem Projet de loi bréngen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Schank. Den Här Negri huet d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Jo, villmools Merci, Här President. Och Merci un den Henri Kox als Rapporteur. An domadder bréngen ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Hahn huet d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).**- Jo, ech schlësse mech deene Wieder un. Dem Rapporteur Henri Kox e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Ech géif och den Accord vun eiser Fraktioun ginn an och soen, dass dann och an der Virgängerregierung och alt emol verschidde Feeler sech ageschlaach hunn oder Saahe vergiess gi sinn...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- ...am Text, dass dat also net eppes ganz Neies ass.

(Interruption et brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci! Deem ass näischt bäizefügen, gesinn ech.

(Brouhaha)

Wëllt d'Madamm Ëmweltminister nach eppes dozou soen?

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.**- Da soen och ech dem Rapporteur Henri Kox e grouse Merci fir dee gudden Rapport a freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci, da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6924 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6924 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo - geschwënn - eriwwer.

Mir hunn 58 Participatiounen un der Ofstëmmung: 58-mol Jo. Domat ass de Projet de loi 6924 eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton (par Mme Claudia Dall'Agnol), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir kommen zum nächste Projet de loi. Dat ass de Projet de loi 6925, eng Ofännerung iwwert d'Gesetz betreffend d'Klimabündnis mat de Gemengen. An d'Wuert huet direkt deeselwechte Rapporteur, den Här Henri Kox.

4. 6925 - Projet de loi modifiant la loi du 13 septembre 2012 portant création d'un pacte climat avec les communes

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech muss lech awer leider rektifizéieren oder rectifiéieren, well Dir hutt eppes Falsches gesot. Et sinn net d'Klimabündnisgemengen, mä et ass d'Gesetz iwwert de Pacte Climat, wëssend, dass allen zwou Aktiounen déiselwecht Finalitéit hunn, nämlech de Schutz vum Klima an eppes och do ze ënnerhuelen.

Dat hei ass och eng kleng Ännerung, awer eng wichteg Ännerung, an dat heite baséiert op dem Gesetz, wéi gesot, vum Pacte Climat. Den 13. September 2012 gouf dat Gesetz gestëmmt hei an der Chamber an et gëtt de Gemengen eng Rei vun Handwierksgeschir, fir kënnen am Beräich vun Eenheet Energie a Klima eppes ze ënnerhuelen. An dat Handwierksgeschir, wat se kréien, gëtt ënnerstëtzt vum Stat duerch logistesche Hëllef, awer och duerch eng finanziell Ennerstëtzung, déi ganz wichteg ass.

An déi finanziell Ennerstëtzung deelt sech an dräi Kategorien an, an do kritt een e gewëssene Montant. An dee Montant, deen ass eng kéier 15 Euro respektiv 25 Euro a 35 Euro. An deen ass gestaffelt jee no Schnellegkeet, mat där een déi Klimapaktaktiounen ëmsetzt. An et hätt sollen elo zum 31. Dezember 2015 déi éischte kéier eng Ofstufung ëm 5 Euro pro Habitat geschéien, dat heescht, déi 15 Euro, déi u sech gewäert ginn, déi géifen dann ëm 5 Euro erofgoen op just nach 10 Euro.

Mir hunn awer dat gesot, oder d'Regierung huet proposéiert, déi Zäitspann ze verlängeren op dëst Joer, dat heescht Enn dës Joers. Déi Gemengen, déi elo schonn aktiv sinn, dat sinn der ganz vill, an ech weisen elo gläich d'Landkaart.

(Projection d'une carte du Grand-Duché de Luxembourg)

Wann Der op Är Tële kucke gitt, da gesitt Der, dass praktesch sämtlech Gemengen hei am Land aktiv bei deem Pacte Climat matmaachen, wat u sech eng ganz wichteg Aktioun ass. An et ass praktesch ganz gréng, et si just nach kleng wäiss Flecken do, déi misste mer nach iwwerzeegen, mat hei an d'Boot ze klammen.

A wann een do de Bilan kuckt: Et sinn elo 99 Gemengen, déi ënnerschriwwen hunn, 11 Gemengen, déi 40% erreecht hunn, dat heescht, déi hunn elo déi 15 Euro zegutt gehat. 53 Gemengen hu 50% vun deem Kritär vum Pacte Climat erreecht, déi hu 25 Euro pro Tête de pipe, also pro Awunner kritt. An et si 4 Gemengen - an deene wëll ech am Numm vun der Kommissioun, géif ech mengen, en extrae Luef ausschwätzen -, et si véier Gemengen, déi hu 75% erreecht. Dir fannt déi, dat sinn déi, déi ganz donkelgréng op där Kaart zrëckzefanne sinn. Soudass mer hei awer, mengen ech, d'ganz Land, d'ganz Gemenge mat am Boot hunn, fir zesumme mat der Regierung hir Obligatioun am Klima an an der Energiepolitik kënnen ze erfëllen. Dat ass e wichteg Bestanddeel no der COP21, soudass d'Hausaufgaben hei a Lëtzebuerger richteg ugepaakt kënnen ginn.

Ech kommen dann nach just zu den Datumen. Wéini d'Gesetz déposéiert gouf, dat war de 7. Dezember 2015. Den Avis vum Statsrot ass den 19. Januar 2016 komm. D'Chambres des Salariés an des Métiers hunn de 7. respektiv 8. Janvier hiren Avis ofginn. Allen dräi hunn e positiven Avis ofginn. An ech selwer gouf de 17. Februar zum Rapporteur vun deem Gesetz ernannt. De Rapport ass de 24. Februar ugeholl ginn.

Domadder bréngen ech och dann nach gläichzäitig den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An direkt huet d'Wuert den Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, aganks direkt dem honorabelen Här Henri Kox als Rapporteur Merci ze soe fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport. En ass hannendru beim President.

Wann ee vum Klimapakt tëscht Stat a Gemenge schwätzt, dann trifft sécherlech dat bekannt Spréchwuert: „Global denken, lokal handelen“ voll zou. 2012 ass ënnert der viregter Regierung mam deemolege Minister Marco Schank, deem ech hei nach eng kéier ausdrécklech wëll villmools Merci soen, dat exzellent Instrument deemools entstanden, fir Klimapolitik um lokalen Niveau ze fërderen a virunzebréngen, jo, an och e bësse méi interes

sant ze gestalten. Mat e puer Ausnamen, wéi et virdu schonn ugeklongen ass, si mëttlerweil sämtlech Gemengen am Land op de Wee vun engem Klimapakt mam Stat gaangen an engagéiere sech domadder fir en aktive Klimaschutz um lokalen Niveau.

Jo, et ass souguer e gesond, an ech betounen „e gesond“ Konkurrenzdenken tëschent de Gemengen entstanden, wat dem Zil sécherlech dénglech ass. Vill vun hinnen, vill vun dese Gemengen hunn an de leschte Jore grouss Efforte gemaach, fir eng Rei ganz wichteg Ëmweltprojeten an hire Gemengen ëmzesetzen. Déi beschtt sinn duerfir, an et ass virdu gesot ginn, d'lescht Joer den November zu Leipzig zu Eiere komm a goufe mam European Energy Award ausgezechent. Jo, d'Regierung war souguer och do vertrueden duerch de Statssekretär, den Här Camille Gira, wat ganz sécher d'Wichtigkeet och vun deem Präis verdäitlecht.

Gold kritt ee bekanntlech, wann een déi drëtt Stuf, nämlech méi wéi 75% vun de Punkten, erreecht huet. Et waren dëst, wéi gesot, véier Gemengen: Biekerech, Park Housen, Schëffleng an och Tandel. Fir datt och aner Gemengen hir...

(Interruption)

...Chancë behalen, fir datt déi Gemengen hir Chancë behalen, ass et nëmme logesch, datt mer op de Wee vun dëser Ännerung vum Gesetz ginn an u sech d'Lafdauer ëm ee Joer verlängeren, ier een d'Bäihëllef verkierzt. Mir ënnerstëtzen dat selbstverständlech voll a ganz.

Här President, mir hu mam Gesetz vun 2012 d'Fundament fir d'Zukunft gebaut, fir eppes am Beräich Klimaschutz a Klimawandel ze änneren. D'Gemengen hunn an deem Beräich eng ëmmer méi grouss, jo, Verantwortung ze droen, eng Verantwortung, déi och vun hire Bierger agefuerdert gëtt. D'Sensibiliséierung vun de Bierger ass duerfir entscheidend, fir virunzekommen. Duerfir gëtt zum Beispill oder steet zum Beispill den dësjärege Branebuerger Maart ënnert dem Motto „Klimapakt“, wou mer och déi aner Goldgemengen alueden, fir hei hire Bäitrag ze leeschten.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Gemenge brauchen ganz vill Energie an hire respektive Gebaier. Duerfir musse Sonnenenergie, Holzackschnëtzelheizungen an aner alternativ Energien, jo,



eng Selbstverständlechkeet an de Gemenge si respektiv ginn. Heimat schafe mer niewent der Ëmweltschounung gläichzäiteg awer och eng ganz Rei vun neien Aarbechtsplazen um lokalen Niveau. An zousätzlech ginn eng Rei Transportweeër méi kuerz a virun allem awer och méi ongeféierlech.

Dir gesitt also, de Klimapakt ass einfach eng Win-win-Situatioun.

Duerch de Klimapakt wäerte mer weiderhin d'Gesellschaft sensibiliséieren, datt de Klimaschutz an och de Klimawandel eis alleguerten eppes ugeet. Mir mussen der Effentlechkeet weisen, datt och um lokalen Niveau vill fir de Klimaschutz gemaach gëtt.

D'Gesetz iwwert de Klimapakt ass, wéi ech dat scho virdru gesot hunn, eng ganz gutt Saach. An duerfir wäert och d'CSV dëst Gesetz stëmmen. An ech bréngen heimadder den Accord a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kaes. An d'Wuert huet den Här Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Villmools Merci, Här President. Och hei wëll ech dem Rapporteur Henri Kox Merci soe fir säi gudden Rapport. Mir fannen, dass déi Verlängerung vum Klimapakt eng gutt Saach ass fir d'Gemengen, fir dass jiddwereen och d'Méiglechkeet huet, déi ganz Etüden do ze maachen, déi néideg sinn. An ech bréngen domadder och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, am Dezember hat ech d'Chance, mat op der COP21, also op der Weltklimakonferenz zu Paräis, ze sinn, wou ech op dëser Plaz awer och nach eng Kéier wëilt dervu profitéieren, fir der Ministesch e grouse Merci auszuschwätze fir hiren exemplareschen Asaz, dee se do hat. Zu Paräis, an dat wësst Der alleguer, dat brauch ech lech eigentlech net ze erzielen, ass et awer zu engem historeschen Accord komm. Sécherlech kann een driwwer diskutéieren, ob een hätt kënnen oder sollen oder misse méi wäit goen. Jee, den Accord ass deen Accord, deen et ass. An et ass scho begrëssenswäert, dass mer en Accord fonnt hunn, wou alleguer déi Concernéiert sech derzou engagéiert hunn.

Et geet awer leider net duer, dass mer elo en Accord hunn, dass mer e Pabeier ënnerschräwen hunn. Elo geet et drëms, dat Ganzt a Muséik ëmzesetzen, an do ass jiddweree gefuerdert. Do ass d'Politik sécherlech gefuerdert, do sinn d'Promoteure gefuerdert, do sinn déi privat Leit gefuerdert, mä do si sécherlech och d'Gemenge gefuerdert. Een Outil, sécherlech, deen de Gemengen zuntotz kënn an deem dote Kader, ass selbstverständlech de Klimapakt vun de Gemengen. A mir hu vum Rapporteur héieren, dass bal all d'Gemenge méttlerweil dem Klimapakt bäigetruede sinn.

Et ass gutt, wann d'Gemenge sech Gedanke maachen, wéi se méi Energie, wéi se méi Waasser kënnen spueren. Dat entlaascht ënner anere och hire Budget. An déi Sue kënnen se da selbstverständlech och setzen, fir vläicht aner flott Projeten an hire Gemengen ze realiséieren. Och wa se driwwer nodenken, fir e ganze Busréseau ze iwwerpräieren, och dat si Saachen, wou se net nëmmen d'Loftqualitéit steigern, mä wat och der Ëmwelt zeguttkënn a woumat se och Geld kënnen spueren.

D'selwecht, wa beispillsweis d'Gemengeluuchten ëmgerüst ginn op LED-Technik, wat jo och méttlerweil vum Ëmweltministère subventionéiert gëtt. Och dat sinn alles Saachen, déi fir méi Effizienz a schlussendlech awer och fir méi Geld an de Gemengekeesen suergen. Et muss een awer och eng Kéier soen, dass et eigentlech eng Win-win-Situatioun ass.

Et gëtt vill ze dinn am Kader vum Klimapakt. Ech weess, vu wat ech schwätzen. Och meng Gemeng ass eng vun de Klimapaktgemengen. An dat ass sécherlech mat vill Zäitopwand verbonnen. An dofir félicitéieren ech all deene Gemengen, déi schonn deen ieweschte Level erreecht hunn, well ech gesinn - an ech kucken e bësse jalous op déi erop -, wat dat fir een Asaz ass, fir bis dohin ze kommen. Dofir, all deene Gemengeresponsabele mat hire ganze Services, déi se hunn: e grouse Bravo, fir dat elo scho gepackt ze hunn.

Den Délai ass relativ kuerz. An dofir ass et gutt, dass mer haut deen Délai ëm ee Joer verlängere

ren, fir och deene Gemengen awer d'Méiglechkeet ze ginn, op déi verschidden Niveauen nach kënnen ze kommen an dann awer herno och erëm finanziell Moyenen ze hunn, déi se da sécherlech och erëm a klimafreundlech Projekte kënnen investéieren.

Dëst gesot, et ass ugeschwat ginn, mir hunn nach net all Gemenge beim Klimapakt. An de Rapporteur huet et gesot, d'Ministesch huet datselwecht an eiser leschter Chamberskommissioun (veuillez lire: Sitzung) vun der Ëmweltkommissioun gesot: D'Regierung wäert derhannert bleiwen, fir och déi Gemengen ze encouragéieren.

Et muss een awer wëssen, dass et fir kleng Gemenge wierklech ganz, ganz schwéier ass an dass een hinne och vläicht d'Ängscht muss huelen. Eng grouss Ängscht, déi een hinne sécherlech kann huelen, dat ass, dass et, well et de Klimapakt jo schonn eng gewëssen Zäitche gëtt, dass et Best-Practice-Beispiller gëtt, jee Beispiller, wou aner Gemenge scho virgewisen hunn, wat ee ka maachen, fir op Punkten ze kommen. A wann een op Punkte kënn, dat ass jo näischt anescht, wéi et mécht een eppes, wat Ëmwelttechnesch sënnvoll ass.

An ech denken, dass dat eppes ass, wat deene Gemengen, déi méi rezent bäigetruede sinn oder déi nach wäerte bäitrieden, sécherlech zuntotz kënn. Well virdrun huet e Virriedner hei dervu geschwat, dass et quasi e Konkurrenzkampf ginn ass: Wie packt wat als Éischt? Mä en fin de compte ass et net e Konkurrenzkampf, mä et ass éischter: Mer sinn all als Gemenge sécherlech vläicht e bëssen... E bësse war et e Wettkampf, fir ze kucken: Wien errecht d'Zertifizierung als Éischt? Dat war och esou, wéi de Virriedner dat gemengt huet, den Aly Kaes.

Mä et ass awer éischter méttlerweil, fir ze soen: Ma, kommt, mir probéieren eppes! A wann dat gutt ass, ma firwat soll net och eng aner Gemeng genau datselwecht maachen? An dofir kann ee sech eigentlech dobäi dee ganze Planungsopwand, dee ganzen administrative Vollet, dee sécherlech ëmmer dermat verbonnen ass, spueren.

Ech géif dann, wéi gesot, den Accord vun der Demokratescher Partei ginn zu där Verlängerung hei, well et wierklech eng ganz gutt Saach ass, an der Ëmweltministesch bon Courage wënschen, fir d'Iwwerzeegungsaarbecht, déi se jo ugekënnegt huet fir déi Gemengen, déi nach net bäigetruede sinn, da gutt ze meeschteren.

An da géif ech selbstverständlech dem Rapporteur, dem Henri Kox, Merci soe fir säi ganz gudden mëndlechen an och schrëftleche Rapport. An dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Madamm Ëmweltminister, Dir däreft erofkommen.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Da wëll ech och als Éischt dem Henri Kox fir dee gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci soen, an awer och fir déi Bäitrag vum Här Kaes, vum Här Hahn, awer och vum Här Negri, déi d'Zoustëmmung ginn hunn, a fir d'Ënnerstëtzung Merci soen.

An et freet mech ganz besonnesch, dass mer no enger COP21 zu Paräis elo hei a Lëtzebuerg e Konsens kréien, dee mer virdrun net haten, an zwar, dass et wierklech gutt ass, sech gemeinsam fir de Klimaschutz anzusetzen. An ech si ganz frou, kënnen ze soen, dass mer schonn ee vun deene wäisse Flecken, déi mer nach haten, weider elo zoukréien. Dat heescht, mir hunn elo 100 Gemengen derbäi. Ech hoffen, dass der elo nach e puer incitéiert ginn, well mer am Naturpark Mëllerdall en äänlechen Zeenario wëlle maachen, wéi doueuen, wou déi positiv Konkurrenz ass, also d'Kompetitivitéit spillt, tëscht de Gemengen.

An ech freeë mech da fir déi Zoustëmmung a wëll awer och nach soen: Et ass e flott Instrument, wat do geschaf ginn ass. An dofir si mer ganz frou, dass mer net nëmmen e flott Instrument virfonnt hunn, mä dass mer och weider dru schaffen. Mir hu Konventiounen elo gemaach mam CELL well et ebe ganz wichteg ass, elo, wou mer quasi all Gemengen u Bord hunn, och nach d'Leit mat u Bord ze kréien, d'Transitioun ganz aktiv mat virunzedreien an d'Sensibilisierung dann och um Terrain widerzeféieren, well et geet ëm näischt anescht, wéi dass mer eis Gewunnechten änneren an dann déi Win-win-Situatioun gesinn.

Ech sinn immens frou, dass mer hei e Konsensus hunn, dass et en Asaz fir de Klimawandel ass, en Asaz fir eis Regiounen, fir lokal Aarbechtsplazen a fir eis Gesondheet, a fir eng gutt Liewensqualitéit hei ze hunn.

Domadder villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Ëmweltministesch. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Gesetz 6925 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6925 et dispense du second vote constitutionnel

A mer fänke mat de perséinleche Stëmmen un. De Vott ass lancéiert. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen: 58-mol Jo an eng Abstentoun. Domat ass de Projet 6925 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6925 est adopté par 59 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Félix Eischen), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

An et bleift mer just d'Fro ze stellen,...

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...ob mer d'Dispens vum zweete Vott kënn ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Merci.

A mer géifen vum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6927, eng Upassung vum Gesetz iwwert d'Radaren. Och hei Basismodell. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Lorsché.

5. 6927 - Projet de loi modifiant 1) la loi du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés et 2) la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi, deen ech heimat virstellen, komme mer zréck op dat sougenannte Radarsgesetz vum 25. Juli 2015. Konkret geet et drëms, dräi kleng Modifikatiounen un deem Gesetz virzehuelen, nodeems de Parquet an d'Police eenzel Bedenke bei senger Applikatioun geäussert hunn.

Wéi Der wësst, ass de System vun de Radaren agefuert ginn, fir d'Vekéierssicherheit eropzesetzen, andeems schwéier Verkéiersinfrastrukturen méi gezielt festgestallt kënnen ginn an dann och méi gezielt sanktionéiert ginn.

Zu deenen Infrastrukturen gehéieren d'Iwwerschreide vun der erlaabter Vitesse, d'Duerchfuere vun enger roudier Luucht, d'Netanhale vun der virgeschriwwener Sicherheitstanz tëscht de Gefierer an de Fait, an enger Strooss oder op enger Spur ze zirkuléieren, déi fir aner Benotzer reservéiert ass.

Momentan, dat wësst Der, ass et allerdéngs esou, datt den Artikel 2 vum Gesetz vum 25. Juli 2015 an deem Sënn kann interpretéiert ginn, datt net nëmmen dës véier Infrastrukturen betraff sinn, mä datt och aner Gesetzesverstéiss systematesch zu enger Poursuite kënnen féieren. Dat heescht, datt de Code d'instruction criminelle beispillsweis och beim Netdroe vum Sécherheitsgurt, beim Benotze vum Handy um Steier oder beim Netbezuele vun der Autostax, bei enger feelender groer Kaart an anere Gesetzesverstéiss kéint oder misst applizéiert ginn, well den Artikel 2 vum aktuellen Text keng Infrastrukturen ausschléist. Aus deem Grond soll mat dësem Projet de loi den Artikel 2 ganz einfach aus dem Gesetz verschwannen.

Domat ass dann definitiv kloer, datt keng aner Infrastrukturen iwwert de System vun de Radare ka bestrooft ginn, wéi déi, déi fir d'Verbesserung vun der Verkéierssicherheit viséiert waren an déi, déi ech virdrun opgezielt hunn. Donieft erspuert dës Approche och der Police an dem Parquet eng massiv Iwwerlaaschtung mat Dosieren, déi opgrond vun alle méigleche Poursuité missten traitéiert ginn.

Ech kommen zu der zweeter Modifikatioun, déi sech op d'Verschécke vum Protokoll bezitt. Hei soll den Envoi recommandé mat Avis de réception duerch en einfachen Envoi recommandé ouni Avis de réception ersat ginn. Déi néideg Traçabilitéit vum Courrier geet domat net verluer, well de Centre informatique de Flux vun den Informatiounen zesumme mat der Police wäert géréieren.

De Virdeel ass hei deen, datt dee grouse manuellen Opwand an d'Käschten, déi mat der Prozedur vun engem Accusé de réception verbundene sinn, einfach emol ewechfalen. Am Fall, wou de Besëtzer vum geblätzte Gefier net den Auteur vun der Infrastrukturen war, läit den Délai, fir e Recours virzeleeën, fir ze contestéieren, bei 45 Deeg.

Ech kommen zu der drëtter Modifikatioun. Hei geet et drëms, d'Méiglechkeet vum Retrait immédiat vum Führerschäin bei enger Radarkontroll ganz einfach ze sträichen. Dat ass logesch. Dës Modifikatioun drängt sech op, well et an der Realitéit jo net de Radar ass, deen de Führerschäin op der Plaz kann anzéien, mä d'Police respektiv déi Responsabel vum Parquet, wa bis kloer ass, wien den Auteur vun der Infrastrukturen war.

Domat hunn ech scho bal alles gesot. Déposéiert gouf dës Projet de loi den 10. Dezember 2015 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch. De Statsrot huet zwee Avisen ofginn, een den 2. Februar 2016 an een den 8. März 2016. De Statsrot huet déi dräi Modifikatiounen integral guttgeheescht. Och d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Salariés an d'Chambre d'Agriculture hu sech positiv zum Projet de loi geäussert.

D'Nohaltegkeetskommissioun huet sech an dräi Sätzunge mam Projet de loi befaasst a war der Meenung, datt spéitstens an dräi Joer eng Evaluatioun vum gesamte System soll realiséiert ginn, fir säi Fonctionnement op de Leescht ze huelen.

Wichtig ass, a mengen Aen, natierlech och ze analyséieren, wéi en Afloss d'Radarkontrollen op d'Fuerverhale respektiv op d'Zuel vun den Accidenter wäerten hunn. An anere Länner hu se sech jiddwerfalls bewäert, virun allem emol a Frankräich. D'Zuel vun de Verkéiersaffer a vun den Accidenter ass massiv erofgaangen. Firwat sollt et zu Lëtzebuerg anescht sinn? Ech si jiddwerfalls der Hoffnung, dass vill Leit net wäerten ënner engem Verkéiersaccident leiden.

Ofschléissend drécken ech der Madamm Josiane Pauly vum MDDI an dem Här Gilles Feith vum Centre informatique e grouse Merci fir hir wäertvoll Mataarbecht aus, grad wéi och eiser Sekretärin Rachel Moris a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

An ech denken, wann den Här Minister mam Tram kéint kommen, da wär e schonn hei. E kéint bestëmmt gläich un. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo direkt de Marco Schank.

Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank wollt ech - mäi Merci un d'Madamm Rapporteur fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport; an déi Ausféierlechkeet vun deemselwechten, déi mat sech bréngt, datt ech mech net ëm d'Detailer elo muss hei beméien -, ech wollt am Ufank direkt soen, datt mir als Fraktioun dee Projet wäerte stëmmen, och wa mer ee Gesetz stëmmen, ofänneren, dat mer eréischt virun aacht Méint op dëser Plaz gestëmmt hunn.

Elo ass déi Adaptatioun, jiddefalls déi éischt, déi beschriwwen gouf, ganz sënnvoll, well mer ee Méi u juristescher Sécherheet kréien an eigentlech och ee Méi am Kontext vun der Protektioun vu perséinlechen Donnéeën.

An nom Vott vun dësem Gesetz ass et dann och definitiv esou, wéi et och ursprénglech an den Diskussiounen vun der Kommissioun virun aacht Méint zréckbehale gouf, nämlech datt mat deem neie System fir déi automatiséiert Kontroll a Sanktiounen, also de sougenannte CSA, net all Infrastrukturen systematesch poursuivéiert gëtt, well et den initialen Objektiv vun dem CSA war, ebe fir déi iwwerdriwwen Vitesse erfroze kréien.